LSAP

n° 3611

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 11:27, 11/02/2021

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2021

Här Präsident,
Sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Am Kader vum Bau vum Contournement vu Käerjeng ass eng Wëldbréck iwwert der Collectrice du Sud, an der Géigend vun der Zuchbréck geplangt. Dëst ass och am Kader vum Bau vum Contournement vu Käerjeng matgedeelt ginn. Elo ass awer vun der Administration des Ponts et Chaussées am November 2020 ee Projet ausgeschriwwe ginn, fir ee weidere "Passage à faune", dës Kéier iwwert dem CR110 ze bauen, dee Suessem mat Käerjeng verbënnt. Dofir muss den CR110 fir d'éischt ofgesenkt ginn. Wei et aus der Ausschreiwung eraus geet, soll dee Chantier bis Enn 2024 undaueren. An senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro 2983, wou et em de geplangte P&R beim Zucharrêt Käerjeng-Suessem geet, ass den Här Minister och nëmme ganz knapp op des Wëldbréck agaangen.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

- Bis elo huet et ni geheescht, dat den CR 110 misst ofgesenkt ginn. Weess de Minister firwat dës Aarbechten elo op eemol virgesi sinn a firwat op där Platz, wou d'Trennung duerch den CR110 schonns laang besteet, elo eng Wëldbréck virgesinn ass?
- Kann de Minister confirméieren, wou genee des Wëldbréck hikënnt? Bis elo gëtt et mengem Wëssen no kee Plang, deen ëffentlech zougänglech wier. Dobäi sollen d'Aarbechte laut Ausschreiwung schonns am Abrëll ufänken.
- Wei wäert den Zougang zu der Gare wärend dëser laanger Chantiersphase kënne séchergestallt ginn? Wat sinn d'Repercussiounen op de Trafic generell, a méi spezifesch op d'Bussen, déi d'Gare ufueren?
- Gedenkt de Minister de Projet ëffentlech ze presentéieren?

Mat déiwen Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3611 du 11.02.2021 de Madame la Députée Simone Asselborn-Bintz - Construction d'un passage à faune au-dessus du CR110 entre Sanem et Bascharage

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés